



REÇU

Par Christine Wirtgen , 07:42, 07/04/2020

Fernand ETGEN  
 President vun der  
 Deputéiertechamber  
 19, um Krautmaart  
 L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/04/2020

Här President,

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Aarbecht, Famill an Integratioun & Interieur weiderzeleeden.**

Am Kader vun der COVID-19-Pandemie, huet d'Regierung d'Decisioun geholl, fir d'Entreprises an dëse schwéieren Zäiten z'ënnerstëtzen. Eng vun dëse Mesuren ass de Chômage partiel. De Chômage partiel ka souwuel vun Employéë mat engem CDI, wéi och vun deene mat engem CDD ugefrot ginn.

Fir verschidde Leit, déi sech aktuell an engem CDD oder Interimskontrakt befannen an, erginn sech aus dëser Situatioun gewëssen Onsécherheeten.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Am Fall wou de Chômage refuséiert gëtt, besteet fir Aarbechtssichender d'Méiglechkeet bei den Offices sociaux eng Demande fir de REVIS ze stellen. Wëssend, datt et sech ëm eng Gemengekompetenz handelt, goufe vun der Regierung Mesure getraff, fir d'Prozedur vun der Demande ob de REVIS z'acceleréieren?
2. Wat ass aktuell d'Situatioun vun deenen Employéen, déi ee CDD/Interimskontrakt mat vun enger Dauer vu manner wéi 6 Méint haten- déi deemno manner wéi 26 Woche cotiséiert hunn - an deen hire Kontrakt während dem Etat de Crise ausleeft? Ass fir dës Employéen, opgrond vun den aktuellen Ëmstänn, ee Recht op Chômage, Chômage partiel, Revis oder soss eng Indemnitéit virgesinn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven  
 Député

Le caractère urgent de la question a été reconnu (07.04.20)





LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère du Travail, de l'Emploi et  
de l'Économie sociale et solidaire

**Monsieur Marc HANSEN**  
**Ministre aux Relations avec le Parlement**  
**Service Central de Législation**  
**L-2450 LUXEMBOURG**

Luxembourg, le 9 avril 2020

Agent en charge                    M. Armin Skrozic  
Tel :                                    247 86122  
Courriel :                            armin.skrozic@mt.etat.lu  
Référence interne                MT/SA/QP/QP N°2031

**REÇU**  
Par Christine Wirtgen , 11:45, 09/04/2020

**Concerne :    Question parlementaire N°2031 de l'honorable Député Sven Clement**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**Dan KERSCH**  
**Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie**  
**social et solidaire**

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft  
Dan Kersch, vun der Madame Ministesch fir Famill an Integratioun Corinne Cahen an vun der  
Madame Inneministesch Taina Bofferding op d'parlamentarësch Fro n°2031 vum honorablen  
Deputéierten Sven Clement**

**Ad. 1**

Déi Persounen déi de Chômage refuséiert kritt hun, kënnen sech fir hier Demande fir de REVIS ze kréien direkt un de Fonds national de solidarité (FNS) wenden, entweder iwwert den Telefon wou si vun de Gestionnairen vum FNS iwwert d'Prozedur renseignéiert ginn an dann den entspreche Formulare mat der Post zougescheckt kënnen kréien, oder iwwert den Internetsite vum FNS wou si sech deen Formulare kënnen eroflueden.

Well d'Guichet'en vum FNS wéinst der Coronakriis momentan zou musse bleiwen, daat am Intérêt vun de Client'en an vum Personal, sin d'Gestionnairen vum FNS iwwert den Telefon disponibel fir op all Froën diesbezüglech ze äntweren an de betraffene Persounen och ze hëllef fir de Formulare vum REVIS auszufüllen.

Fir dass de Client de REVIS ka kréien muss den FNS, wéi bei all deenen aaneren Demanden, iwwerpréiwen ob d'Konditiounen erfëllt sin. Wann d'Demanden komplett sin an et kloer ass, dass déi Leit keng indemnités de chômage kënnen kréien, kënnen déi Demanden ganz schnell traitéiert ginn.

Et ass och ze bemierken, dass d'Demandeuren vum REVIS kënnen Avancen kréien, wann d'Grondkonditiounen fir déi Prestatioun ze kréien, erfëllt sin. Daat erlabt et dem FNS fir de Leit, déi am Besoin sin, relativ séier ze hëllef, och wann den Dossier nach net déi ganz Prozedur duerchlaaf huet.

**Ad. 2**

Wann eng Persoun keen Usproch op d'indemnités de chômage huet, sief et wäll si d'Konditioun vum Stage net erfëllt, kann si eng Demande fir de Revis beim FNS maachen. Et sief bemierkt, dass fir de Revis ze kréien, keng Konditioun de cotisation à la Sécurité sociale verlaangt ass, mee et geet duer, dass de Betreffenden déi allgemeng Konditiounen fir de REVIS ze kréien erfëllt.

D'Konditiounen fir Usproch op d'indemnités de chômage ze hunn, hunn nët geännert mam Règlement grand-ducal vum 3. Abrëll 2020. Dat heescht de Salaré muss ënner aanerem an den 12 Méint virun der Inscriptioun op der ADEM opmannst 26 Wochen geschafft hunn.

Dat Règlement gesäit fir, dass d'Rechter op d'indemnités de chômage, egal ob et sech ëm déi initial Rechter oder ëm d'Prolongatioun handelt, ëm d'Dauer vum état de crise verlängert ginn.